

le courrier de la grogne...

Einseitig?

ODER: WARUM PERSHING II UND CRUISE MISSILES DEN FRIEDEN STAERKER GEFAEHRDEN ALS SS-20

Alle sind für Frieden und gegen Atombomben, und wenn eine Atombombe über unsren Köpfen explodiert, spielt es keine Rolle mehr, ob sie sowjetischer oder amerikanischer Herkunft war. So weit, so gut, (oder so schlecht). Um nun aber einen allesvernichtenden Atomkrieg zu verhindern, müssen wir herausfinden, wodurch der Friede bedroht wird, und uns dann dagegen wenden.

Auch hiermit dürfte wohl jeder einverstanden sein.


Und nun können wir folgendes feststellen:

1) Durch die Stationierung der neuen amerikanischen Mittelstreckenraketen in Westeuropa entsteht erstmals wieder eine Situation, die der berüchtigten Kuba-Krise vergleichbar ist. 1959 stationierten die USA Mittelstreckenraketen in der Türkei, und die Sowjets beantworteten diesen Schritt damit, dass sie nun ihrerseits Mittelstreckenraketen auf Kuba stationierten. Der Atomkrieg wurde damals nur verhindert, weil Kennedy und Chruschow sich einigten, ihre Mittelstreckenraketen aus diesen Ländern zurückzuziehen, und abmachten, in Zukunft keine Raketen außerhalb ihres Gebietes zu stationieren, die die andere Grossmacht erreichen könnten. Genau dies ist nun aber der Fall für die neuen NATO-Raketen, die nicht in den USA stationiert sind, dabei aber die SU erreichen können. SS-20-Raketen dagegen können die USA nicht erreichen. Hier wird also das "Gleichgewicht des Schreckens" zwischen den beiden Supermächten zugunsten der USA verändert.

2) Die NATO behauptet, ihre Raketen in Westeuropa seien als Antwort auf die sowjetischen SS-20 gedacht. Dass das nicht stimmt, kann man sehr leicht daran erklären, wie die Pershing II funktioniert. Diese Waffe ist mit einem Atomsprengkopf ausgerüstet, der bis zu 12 Meter in die Erde eindringt und dort explodiert. Ihr Ziel ist also, verbunkerte unterirdische Raketensilos zu zerstören. Das hat aber nur dann einen Sinn, wenn die sowjetischen Raketen sich noch in ihren Bunkern befinden. Die Pershing II ist also keine Verteidigungswaffe sondern eine Angriffswaffe, eine Erstschlagswaffe.

Wie sähe nun ein solcher NATO-Erstschlag genauer aus? Die Interkontinentalraketen der SU und der USA brauchen 23 bis 28 Minuten, um ihr Ziel zu erreichen. Ein Angriff damit ist auf jeden Fall für beide Seiten sinnlos, weil dem Gegner noch genügend Zeit bleibt für einen vernichtenden Gegenangriff. Pershing II dagegen ist eine Sofort-Reaktionswaffe, ohne Countdown (das bedeutet unter anderem auch, dass Computer-Irrtümer, wie sie sich bekanntlich in den USA im letzten Jahr dreimal ereigneten, nicht mehr rückgängig zu machen sind).

Die Pershing II kann also in 4 bis 7 Minuten die unterirdisch gelagerten russischen Interkontinentalraketen zerstören (und nicht die SS4, SS5 und



in: P-F 7/81
HOLTE

SS-20, denn die stehen auf der Erde und sind beweglich). Das heisst: in Zusammenarbeit mit anderen Raketensystemen (z.B. Trident und MX) kann die USA so also die SU durch einen Ueberraschungsschlag weitgehend entwaffnen. Diese könnte dann höchstens noch Westeuropa bombardieren, aber keinesfalls mehr einen Rückschlag gegen die USA führen.

All das wissen die Sowjets natürlich auch. Es besteht daher die Gefahr, dass die SU sich gezwungen sieht, die in Westeuropa stationierten Raketen vor ihrem Start auszuschalten, d.h. ihrerseits anzugreifen, um wenigstens die totale Vernichtung des eigenen Landes zu verhindern. Ausgerechnet die Waffen, die uns vor einem russischen Angriff schützen sollen, erhöhen also für uns Europäer die Kriegsgefahr!

Natürlich spielt es für uns keine Rolle, ob wir durch einen russischen Präventiv- einen russischen Zweit- oder einen amerikanischen Präventivschlag vernichtet werden. Wichtig ist, dass wir erkennen, dass nicht die SU (sie hat auf jeden Fall nur zu verlieren), sondern USA und NATO all diese Möglichkeiten in ihre Strategie einkalkulieren, dass sie das Risiko (einen Atomkrieg in Europa) für eingehbar halten. Alle Aussagen der letzten Zeit weisen auch in diese Richtung (Reagan: "Ein Atomkrieg kann auf Europa begrenzt werden"; Haig: "Es gibt Wichtigeres als den Frieden" der Oberkommandierende der europäischen NATO-Streitkräfte Rogers: "Ein Kernwaffenkrieg in Europa ist Bestandteil der NATO-Strategie", usw...). Liegt damit für uns Europäer der Fall nicht klar? Diese Politik der NATO-Kriegstreiber gilt es zu bekämpfen! Und genau das tun auch die Friedensbewegungen in allen westeuropäischen Ländern. Ist das einseitig? Nein, nicht die Friedensbewegungen, sondern die Wirklichkeit ist einseitig!

Danny Hoenen

UNION des MOUVEMENTS
de RESISTANCE LUXEMBOURGOIS



Lëtzebuerg, den 17. November 81

Léiw Leit,

Et as émmer erfrælech ze gesin wann een sech Méi gët fir e Problem ze verstoen an ze énnersichen - eppes wou sech déi meeschter derlaanscht drécken, haut vläit e bëssen méi ewéi soss. D'Compliment vu vill Méi muss een Ierer Aarbecht onbedéngt maachen

An Ierer Nr. 51-52 vum 7.11.81 gët an "Historische Vergleiche" eise Communiqué vum 9.9.81 analyséiert. D'Interpretatioun an d'Kritik doriwer engersäits kommen net op de Käer, anersäits obligéieren zou déesen Observatiounen.

- Et as net den absolute Vergläch vum Verlaaf vun den historeschen Evenementer a vu Leit, ma vun der Mentalitéit an der Approche zou de Probleme vun virun 1940 an haut, d'onverfierwt Realitéit vun haut a nüt dës oder déi Hypothes déi speziell ze consideréiere sin.

- Eng objektiv Analys vun den Arméibudgeten vun de verschidde Länner a vun der Dokumentatioun vun alle Säiten iwer d'Arméimaterial léisst kloér ang bai wäitem méi grouss militäresch Stierkt vun der USSR an hirem Unhank erkennen (wat jo kënnnt egal sin, wann een et mat engem fräiheetleche Land ze din hät).

- Den Expansionswëllen an - driw vun Russland geet däitlech besonnesch aus den kommunistischen an ideologeschen Programmen an Dokumenter ervir. Ob dat Afrostellen oder esouquer Negéieren op Naiveteit, Iwerflächlichkeit oder bewosstem Iirfeieren basiert as, as egal, et as net acceptabel, well et eben nüt stëmmt.

Zum Hitler gët et deen Ennerscheed, datt Russland méi Gedold huet an eng Strategie déi op laang Zäit baut fir sain, eventuell schrëttweis, Akkparéieren vun anere Regionen, op vlait bis haut ongewinnt Manéier, ze erreechen.

- D'Resistenzler gedenken all Joér all deenen, déi am Asaz géint d'Nazien hiert Liewen fir eis Fräiheit gin hun. Wéi et z.B. an der Press ze ließe war huet d'UNIO'N bai de Ceremonien fir de 35. Joërsdag vun der Libération d'gefallen alliéiert Zaldoten, déi hei am Land begruew sin, besonnesch geéiert, an dobai och d'russesch Zaldoten zu Lalleng. (D'Resistenz as bai d'Lallenger Monument gaang, laang ir d'russesch Ambassad et derwäert fond huet hir Doudeg do ze éieren).

schaffen mat den Nazidirigenten. D'Onfräiheit déi an der USSR regiert an vun do ausgeet verhennert dat Land elo an eise Frénnskrees mat eranzehuelen an Confiez an et ze hun.

- Enner anerem as de Partnerspekt äus eisem Communiqué wegelooss gin an Ierem Artikel. Et as dat awer e moralesche Facteur deen onbedéngt matzeconsideréieren as.

Mir sin an enger Allianz, wou d'USA och dran sin. Wann een en Traité énnerschriwen huet, wann een sain Wuurt gin huet, dann steet een och derzou. Sollt een domat net méi d'accord sin, dann wir et fir seng Consequenzen ze zéien an auszetrieden. D'Lëtzebuerger hun nach émmer op eng korrekt an loyalt Behuelen gehal; de Filou, den Opportunist oder de Profiteur ze marquéieren as net eise Génre. D'Preisen hun eis zweemol declaréiert en Traité wir "ein Fetzen Papier"; op deen Niveau stellen mir eis net.

Et as ze relevéieren, datt déi Allianz eng fräi Partnerschaft as, wou fräi proposéiert a kritiséiert ka gin, wou eegene Wëllen respektéiert gët, wéi d'Exemples vun Frankräich, Griechenland, der Tírkei et jo schon gewisen hun, ouni datt d'Gefor vun enger USA-Invasion bestan hät. Eng Berlin-, Prag-, Budapestsituatioun kennen d'Natolänner net, grad wéi keng Polensituatioun.

- Der UNIO'N soën si wir kritikblann vis-à-vis vun Frénn, as eis Aarbecht an eis Interventiounen besonnesch wat d'Méenscherechter an d'Fräiheiten ugeet, absolut net kennen. Esou liichtschaz stellt een keng Behauptungen op.

D'UNIO'N huet sech nach ni geneiert affen fir Meenung ze soën, zou jidderen gem a besonnesch zou hire Frénn. Wat d'USA ugin, esou sin do, bis elo, eis kritesch Meenungen acceptéiert gin an enger Antwort an Diskussioun derwäert fond gin, wat mir vun der USSR an den anere Ostblocklännner (ausser der Tchekoslowakei) net soë kënnen.

- Et gët eis indirekt reprochéiert zu engem Land ze halen, dat Diktature gëif énnerstëtzen. Fir t'éisch as ze bemierken datt wat d'Méenscherechter ugeet keen Vergläch téshent den USA an der USSR ze maachen as. Et as dann ze bedenken datt den USA hir Haltong vis-à-vis vun verschidde Länner, déi diktatoresch Regimer hun, dach drop ausgerichtet kënnnt sin fir matzehëlfelen do de Leit erém an demokratesche System ze verschaffen a momentan ze verhenneren, datt eng Lénksdiktatur sech installéiert, déi, weinst hirem Appui vun der USSR, net méi auszemäerze wir, wouéint, mat der Hëllef vun den USA, den aktuelle Regime op eemol kann zu Fall bruecht gin, wat iwregens émmer betount gët.

- Et gesäßt een émmer besser - an an Dänemark huet et sech bewisen - datt leider d'Friddensmouvementer all dorëmmer esou orchestréiert gin, datt e schwaacht Europa enstoë soll. Do as eng grouss Gefor, déi den immensen Idealism vun deene meeschten déi do matmaachen net verhennere kann. E Schwaachen kann net némme wéineg fir de Fridden din, hien as och eng Gefor fir de Fridden, well en convoitéiert gët an duerduurch den Ausléiser vun engem arméierte Konflikt ka gin. Némme e staarkt Europa kann sech behaapten, an der Allianz an vis-à-vis vun de Geforen a matbäidroen fir de Fridden.

- Et as bedauerlech, datt d'Kritik un eisem Communiqué praktesch némme derzou déngt eng Diktatur, d'USSR, an e bessert Liicht ze stellen (an, vlait ongewollt, d'Okkupatioun vum Afghanistan irgendifwei ze jhustifizéieren).



Datt hei am Land méi un d'Amerikaner geduecht gët as ganz kloér; si hun eis liberéiert, si hun hei an der Rundstedtoffensiv gekämpft; Amerika as e fräit Land géintiwer Russland, dat eng Diktatur as wou d'Fräiheit keen Cours huet, d'Méenscherechter mat Féiss getréppelt gin, wou et Goulagge gët, wou d'Leit weinst hirer politescher Meenong exiliert gin, an psychiatresch Klinike kommen asw.. Wir Russland zou engem Land wou d'Fräiheit bléit evoluéiert, wir de Kontakt mat deem Land och méi enk gin, an dat trotz sengem zäitwöllege Zesumme-

- Eng gesechert Zoukonft an Fridden, Gerechtegkeit a Fräiheit verlaagt net Bannemenches ze agéieren.

Mat beschte Grëiss

Roger LINSTER
Generalsekretär

Léiwen Här Linster,

Merci fir Are Bréif. Och wa mir a muenche Punkte nüt mat Iech d'accord sin, su kënn Der awer sécher sin, dass en ons vill Freed gemaach huet, well Der onse Meenungsforum seriö huelt. Mir bedauere ganz besonnesch, dass Der all Aussoen aus dem Artikel "Historische Vergleiche" op d'"Unio'n" bezun hut. Dat wor nüt ons Absicht. Are Communauté wor fir ons némmen en Ophenker fir op eng allgemeng verbreeten historesch Argumentatioun anzegoen, di ons nüt richteg schéngt. Et gong op kee Fall drëm, d'Aarbecht vun der "Unio'n" ze jugéieren. Jo, mir si frou ze liesen, dass Ar Vereenegung nüt némmen d'Erinnerung un eng schrecklech Vergaangenheit pflegt, mä och haut zugonschte vun de Menscherechter an de Fräiheiten interveniéiert; mir hun de Géigendeel ni behaapt.

Wa mer selbstverständlich är Meenung hei am "forum" (onsen Titel wéllt och Usproch sin) zu Wuert komme loossen a respektéieren, su erlaabt ons awer u.e.g. op eenzel Aussoen méi prázis anzegoen well se ons nüt ganz richteg schéngten.

Di gréissste Schwiregkeet mecht ons Ar Behaaptung, "eng objektiv Analys vun den Arméibudgeten ... (geif) kloér eng bái wáitem méi grouss militäresch

Eng vun onsen Haaptthesesen, di grad och vun anerer Säit kritiséiert gouf (vgl. Lieserbréif vum D. Hoenen an déser Nummer) wor jo ze behaapten, Oste wi Weste wäre gläich schold un der Course fir émmer méi Waffen a wáere sech och méi oder weineger gläich staark.

Nét d'accord si kenne mer och mat Arer uschleisender Behaaptung, et kënnt engem egal sin, wann e fräiheetlecht Land militäresch méi staark as. Spéider behaapt Der dann, et misst ee bedenken "datt den USA hir Haltung vis-à-vis vun verschidde Länner, déi diktatoresch Regimer hun, dach drop ausgericht kenne sin fir matzehélfen do de Leit erém en demokratesche System ze verschaffen a momentan ze verhénneren, datt eng Lénksdiktatur sech installéiert, déi, wéinst hirem Appui vun der USSR, nüt méi auszämäerde wir, wouguéint, mat der Hélfel vun den USA, den aktuelle Regime op eemol kann zou Fall bruecht gin (...)"

Dir schreift selwer fir d'éischt, d'USA kënnnten hélfen, d'Demokratie neess oprichten. Dir schéngt also selwer nüt su richteg drun ze gleewen. Mir kenneke Beispill, wou d'USA eng Rietsdiktatur zu Fall bruecht hätten. Am Géigendeel! Hu Dir wierklich nach ni eppes héieren iwert den USA hir Roll 1973 beim Militärputsch am Chile, 1953 am Iran, haut am El Salvador asw.? Wa nüt, da liest emol, wat den Henry Kissinger "en personne" a sénge Memoiren iwert hir Roll beim Stuerz vum Allende schreift! Do sugudd wi am Iran, a Brasilien 1964, ... goufen demokratesch legitiméiert Regierungen mat der Hélfel vun den USA gestiertzt, a nüt émgédréit, wi Dir dat hofft. Ennert dem Jimmy Carter hat een e kuerze Moment kenne mengen d'USA géifen d'Menscherechter zur Richtschnouer vun hiren Aussepolitik man. Mä di wirtschaftlech Interessen, déi si (d.h. hir Multi-Konzerner am aarme Latäinamerika a soss an der Welt) drun hun, dass Diktaturen do d'Vollék kleng halen, hu geschwénn derfir gesuergt, dass déi Politik nüt realiséiert gouf, an énnert dem R. Reagan mécht kee méi sech Illusiounen. Déi sozial an ökonomesch Ongerechtegkeit sin awer schold drun, dass d'Gefor vu Lénksdiktaturen bestéet. Dofir - an do hu Der Recht - hélfen d'USA mat alle Mittelen esou Lénksdiktaturen ze verhénneren, nüt aus Menschlechkeet, mä fir hir Interessen ze schützen! A wann e Vollék aus eegener Krafft dach seng Rietsdiktatur ofgeréfelt huet, da gët ét vun den USA boykottéiert (Bsp. Cuba, Angola, Nicaragua,...) sou dass ét oft senger Hänn keen anere Rot mi weess, wi bei der Sowjetunioun ém Hélfel fir seng Wirtschaft ze froen.

Dësen historeschen Tatsachen an d'A kucken, heescht fir ons nüt, d'UdSSR entschéllege fir hir énnert Fräiheitsénnerdréckung an hir hegemonistesch an expansiv Politik un hire Grenzen. Mä ét därf ee nüt vergiessen, dass di Gefor fir de Weltfrieden, di an Europa Sowjetunioun heesch, a Latäinamerika vun den USA hier empfondt gët. Dem Ausseminister A. Haig seng Drohung mat enger militä-



Stierkt vun der USSR an hirem Unhank erkenne (loossen)! Mir haten ons fir den Dossier vill Méi gin, ons vun alle Säiten ze dokumentéieren, mä eng "objektiv Analys" hu mer néierens fonnt, an déi puer, di der Objektivitéit am nootste kommen déi vum SIPRI (Stockholm) oder LISS (London), weisse jiddefalls kee "bái wáitem mi grousst" militäresch Gewiicht vum Warschauer Pakt aus (vgl. "forum" Nr. 51-52, SS. 3-7). Wann een dése Punkt aus Arer Bréif awer an Zweisel zitt, da falen och di meesch vun Are weideren Argumenter zesummen, woll si bauen all drop op, dass eenzeg an eleng d'Russen di Béis sin, di eng geféierlech militäresch Iwerlééheit gëintiwer dem Westen erreecht hun.

CRIMES DE PAIX

Pendant que les nations s'enfoncent par degré dans l'équilibre poisseux de la terreur en écoutant sérieusement des généraux sérieux expliquer qu'avoir la capacité de tuer trente mille fois tous les habitants de la planète ne suffit plus car les "autres" peuvent le faire trente mille et une fois, des

millions d'hommes agonisent faute d'une poignée de rats, assurés qu'ils sont d'avoir droit en temps de guerre à 20 tonnes de T.N.T. chacun.

Monstrueuse équivalence : si nous décidions de ne plus mourir que trois fois, ces millions d'hommes pourraient vivre une vie sans faim, au moins une fois.

FRANÇOIS DIANI.

in: Le Monde, 21/11/1979

rescher Interventioun an El Salvador virun e puer Wochen as n t gemaach fir ons Meenung z' nneren, dass d'USA n t besser si wi d'UdSSR. Wee Waffen huet, an unheeft, mecht dat fir se ze gebrauchen!

An esougar, wann een iwer d'moralesch Bew ertung vun deenen 2 Groussmuechte laang hin- an hirdiskut iere kann, sou sch ngt et eis dach liewesgef ierlech, d iselwecht Ma st b och bei der Bew ertung vu Waffen unzele n, d i an hirer grujheleger Perversit it d'M nscheet an e puer Minuten zermjhele k nnen. Mir mengen, an eisem Dossier klor gewisen ze hun, dass d i aktuell Opr stung, d i jo anscheinend am Numm vum Fridden an der Oofschreckung geschitt, deene politesche Responsablen vu b ide S ite scho laang aus de Fangere geg tscht as an sech verselbst ndegt huet (Dossier S.6). An d'Gefor, dass den 3. Weltkrieg duerch Zoufall ausbrecht, wiisst mat deene neie Waffesystemer von Dag zu Dag. An deem Kontext iwert den Ennerscheed t schent gudden (lies "fr iheitlechen") a b iese Waffen ze diskut ieren heescht liewenswichteg Z it verb tzen um Wee, fir endlech aus dem verr ckten Deiwelskrees erauszekommen!

Jidfereen, deen och n mme prob iert, sech deen n xte Krich viirzestellen - wann dat iwerhaapt m iglech as - misst sech schummen, nach esou Argumenter ze gebrauchen! "Die unmittelbare Ursache des Dritten Weltkrieges ist seine Vorbereitung" stong schon an eisem Dossier.

Ee vun onse Mataarbechter as am "forum" Nr. 51-52 souw it gaang ze behaapten, mat Waffe g nge sech di wesentlech Fr iheeten souwisou n t verteidege loessen: "Wor Christus onfr i, wi en um Kr izhong?" V l icht as N t-Chr schten dat Argument n t zoug nglech, secher d erfe Chr schten  t n t aneren opzw ngen, m i  t sch ngt eis dach wesentlech, d'Werter richteg ze setzen: Liewe, Fr iheit sch ngen ons m i wichteg wi milit resch S cherheet, d a i hir Grenzen jiddereen anescht versteet.

H r Linster,
Nach eng K ier Merci, dass Der ons Gele nheet zu d ese Pr cisione gin hut. Mir si guer n t b is, wann Dir (oder aner Lieser) g r nach eng K ier zu Wuert komme w llt, well d'Thema sch ngt ons derw ert, weider diskut iert ze gin.

D'Redaktion